



Histoire Orale

Zesumme bréngé mir d'Geschicht zum Liewen

E Projet vum Musée «A Possen»



De Musée «A Possen» erweidert säi Programm vun der «Histoire Orale» fir d'Geschicht vun der Musel op eng nei a spannend Manéier zum Liewen ze erwächen.



De Musée «A Possen» ass dobäi säi Programm vun der «Histoire Orale» auszebauen, dee mat dem aktuelle Projet vun der museografescher Neigestaltung vum Musée zesammenhängt. Dëse Projet envisagéiert den immaterielle Patrimoine vun der Muselregioun duerch authentesch Zeienaussoe vu senger Bewunner:innen sécherzestellen a weiderzeginn.

Mat dem Programm vun der «Histoire Orale» gëtt d'Zil verfollegt, d'Erënnerungen an d'Erfarunge vun de Leit aus der Regioun an audiovisueller Form festzehalen. Dës perséinlech Geschichte gi soumat fir zukünfteg Generatiounen erhale, a kënnen zu engem spéideren Zäitpunkt och an de zukünftege Muséestrondgang integréiert ginn, wat de Visiteuren en eenzegaartegt a beräicherend Andauchen an d'Geschicht vun der Musel erméigleche géif.



Dëse Projet ass awer net nëmmen eng Initiativ vu Préservatioun, mee och eng eenzegaarteg Geleeënheet fir d'Participante, zu passionéierten Erzieler:innen vun hirer eegener Geschicht ze ginn. Andeems si hir Geschichte mam Public deelen, hëllefen si als Zäitzeien, intergenerationell Bezéiungen opzebauen, den Austausch bannent der lokaler Gemeinschaft ze stäerken an e liewege Patrimoine fir zukünfteg Generatiounen ze gestalten.

Opruff zur Participatioun

De Musée «A Possen» invitéiert d'Awunner:innen aus der Muselregioun un dësem Projet deelzehuelen an als fräiwëlleg Zäitzeien hir Erënnerungen an Erfarunge mat eis ze deelen. All Liewensgeschicht ass et derwäert gehéiert an zelebréiert ze ginn, an dat an engem inklusiven a gemittleche Kader. Och Institutiounen kënnen de Musée kontaktéieren wann si vu fräiwëllegen Zäitzeie wëssen, déi um Projet interesséiert sinn an hiert Wëssen an hir Anekdote mam Public wéilten deelen.



Gläichzäiteg sicht de Musée och no ale Fotoen an Dokumenter, déi mat der Musel a Relatioun stinn. Wann Dir perséinlech Archiven, Familljefotoen, Postkaarten oder aner historesch Dokumenter am Zesammenhang mat der Regioun hutt, géif de Musée sech freeën, wann Dir dës wéilt deelen. Dës Schätz hëllefen d'kollektiv Erënnerung un d'Musel ze beräicheren an d'Lokalgeschicht op eng lieweg Manéier ze illustréieren.

Fir weider Froen oder fir un dëser beräicherender Initiativ deelzehuelen, zéckt net d'Equipe vum Musée ze kontaktéieren.

Kontakt

Adeline KARCHER
Coordinatrice générale

Yasa MOSER
Coordinatrice adjointe

Tél. : + 352 23 69 73 53
Email : direction@musee-possen.lu

Musée «A Possen»

2, Keeseschgässel
L-5405 Bech-Kleinmacher
Tél. : +352 23 69 73 53
Site : www.musee-possen.lu

Avec le soutien de



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie



ŒUVRE
Nationale de Secours
Grande-Duchesse Charlotte

